

REÇU
Par Alf Christian, 08:34, 01/12/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 30. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Gesondheitsministesch an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Stad Lëtzebuerg kruten d'Enseignantë säit der Rentrée de 25. Mee en
Desinfektionsmëttel fir an der Klass reegelméisseg kënnen Flächen ofzemaachen. Et ass awer
ze héieren, datt dat säit Oktober awer elo net méi esou ass, mat der Begrënnung, datt
d'Kanner net méi an der Klass iessen.

Et ass awer esou, datt déi kleng Collatioun moies dacks an der Klass op der Bänk geholl gëtt.
Dobäi kënnt, datt bei verschiddene Fächer, z.B. den Appui, Vieso oder Cours d'Accueil, all
Stonn aner Kanner an deselwechte Klassenall era kommen an d'Bänke benotzen.

Vue datt déi aktuell Infektionszuelen héich sinn an d'Schoulen sech als Hotspot erausgestallt
hunn, wéilt ech dem Här Schoulminister folgend Froe stellen:

1. Ass et esou, datt d'Enseignanten an der Grondschoul keen Desinfektionsmëttel méi
ausgehännegt kréien?
2. Kann den Här Minister confirméieren, datt en Enseignant wéinst Allergiegefor keen
Desinfektionsmëttel, dat hie privat kaaft huet, benotzen duerf fir d'Bänke vun de
Kanner ofzewëschen?
3. Denkt den Här Minister net, datt dat awer eng wichteg Moosnam wier, fir
d'Infektione méi kleng ze halen?
4. Gesäit den Här Minister et net als problematesch un, wann en Enseignant net
desinfizéiere kann a Säll, wou all Stonn aner Schüler kommen?
5. Sollt net all Enseignant en Desinfektionsmëttel hunn, fir kënnen Objete wéi
Kopiesmaschinn, Schneitmaschinn asw. virun oder nom Gebrauch kënnen ze
desinfizéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n°3225 du 30 novembre 2020 de Monsieur le Député Fred Keup

Ad 1) 1. Ass et esou, datt d'Enseignanten an der Grondschool keen Desinfektiounsmëttel méi ausgehännegt kréien?

Ad 5) Sollt net all Enseignant en Desinfektiounsmëttel hunn, fir kënnen Objete wéi Kopiesmaschinn, Schneitmaschinn asw. virun oder nom Gebrauch kënnen ze desinfizéieren?

Am Kader vun der sanitärer Kris goufen d'Gemenge während dem Deconfinement an am Ufank vum aktuelle Schouljoer an enger éischer Phas doduerch ënnerstëtzt, dass si bei mengem Ministère dat néidegt Material fir d'Ëmsetzung vun de Geste-barrière konnte bestellen an datt si dëst Material dee Moment gratis an déi eenzel Grondschoole geliwwert kruten. Vu dass de Bedarf u Produiten, mat deenen déi néideg Preventiouns- an Hygiènesmesurë sollten ëmgesat ginn, virun allem fir d'Reprise vun de Coursen de 25. Mee 2020, nei war, huet dës Offer dozou bäigedroen, d'Schoulen mat deem néidegen Equipement ze versueren.

Ewéi am Artikel 58 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehalten, ass et un de Gemengenautoritéiten, fir déi néideg Infrastrukturen an d'Equipementer fir den Enseignement fondamental zur Verfügung ze stellen an hiren Entretien ze assuréieren. Huet mäi Ministère an enger éischer Phas ënnerstëtzend un der Versuerung vun de Grondschoole mat de Produiten, déi eng adequat Ëmsetzung vun den temporäre Recommandatiounen am Kontext vun der sanitärer Krise erlaben, deelgeholl, esou fällt den Approvisionnement vun de Grondschoolgebaier mat den néidege Produiten an de Kompetenzberäich vun de Gemengen.

Et ass deemno un de Gemengen ze klären, op d'Verdeele vun Desinfektiounsmëttel un d'Léierpersonal hinnen eng opportun Preventiounsmeasure ze si schéngt. Méi sënnvoll schéngt et, op deene Plazen, op deene méi Leit een nammlechten Objet benotzen, een Desinfektiounsmëttel hinstellen, fir dass d'Utilisateure vun zum Beispill enger Kopies- oder Schneidmaschinn, virum nom Benotzen hir Hänn kënnen desinfizéieren. Complementary heizou kann eventuell eng periodesch Interventioun vun de Botzequippen op dese Plazen organiséiert ginn.

Ad 2) Kann den Här Minister confirméieren, datt en Enseignant wéinst Allergiegefor keen Desinfektiounsmëttel, dat hie privat kaaft huet, benotzen duerf fir d'Bänke vun de Kanner ofzewäschen?

D'Assuréiere vun der Hygiène vun de Grondschoolgebaier ënnerläit der Autoritéit vun de Gemengen. D'Gemenge stellen esouwuel dat néidegt Personal ewéi och d'Material heifir zur Verfügung. Gläichzäiteg ënnerläit et och der Verantwortung vun de Gemengen, d'Frequenz vun de Botzinterventiounen der aktueller a lokaler Situatioun no ze analyséieren a festzeleeën. Esou e Fall, ewéi den honoréierten Deputéierten a senger Fro beschreift, ass mir net rapportéiert ginn.

Ad 3) Denkt den Här Minister net, datt dat awer eng wichteg Moosnam wier, fir d'Infektioune méi kleng ze halen? Ad 4) Gesäit den Här Minister et net als problematesch un, wann en Enseignant net desinfizéiere kann a Säll, wou all Stonn aner Schüler kommen?

De Respekt vun der Hygiène ass zemoos an der aktueller sanitärer Kris besonnesch wichteg. Aus dësem Grond gouf ënnert anerem an de *"Recommandations sanitaires temporaires de la direction de la santé dans le cadre de la crise sanitaire liée au Covid-19 à l'attention du personnel enseignant"*

et éducatif et des élèves fréquentant les cycles 1 à 4'' festgehalten, datt et wichteg ass, d'Klassesäll esou wéi och d'Material an d'Miwwelen regelméisseg ze botzen an ze desinfizéieren.

Ewéi virdu scho beschriwwen ënnerläit d'Organisatioun vun der Interventioun vun de Botzequippen an d'Bereetstelle vum néidege Material der Verantwortung vun der jeweileger Gemeng.